ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 23. Mee 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

E Samschdeg, den 18. Mee 2019, géint 14:00, ass et, eisen Informatioune no, am Loftraum vun der Stad Lëtzebuerg zu engem Tëschefall komm.Iwwerdeems e Fliger vun der Luxair an der Approche Finale op d'Pist vum Findel war, ass eng Cargolux-Maschinn op déi selwecht Pist gerullt fir ze starten. De Luxair-Fliger huet dorobber hin d'Landung missen ofbriechen a nei duerchstarten.

Gläichzäiteg huet eng Cargo-Maschinn vun Atlas Air iwwert der Stad Lëtzebuerg missen ofdréinen fir eng nei Approche vum Fluchhafen ze maachen. Nach iwwerdeems d'Luxair an d'Atlas Air e sougenannte „go-around" ronderëm de Findel gemaach hunn fir eng zweete Kéier ze landen, krut eng weider Boeing vu Cargolux d'Fräigab vum Tower fir op der Pist ze starten.

Eréischt duerno, konnten de Luxair-Fliger an d'Boeing vun Atlas-Air landen.

Dësen Incident wërft Froen iwwer d'Sécherheet am Lëtzebuerger Loftraum op, an dofir hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister.

1. Kann den Här Minister dësen Tëschefall confirméieren?
2. Ass an dësem Kontext eng Enquête duerch déi zoustänneg Autoritéiten opgemaach ginn?
3. Wéi ass et méiglech, datt e Fliger eng Fräigab fir de Start respektiv fir de sougenannte „line up"kritt, wa gläichzäiteg aner Fligeren kuerz virun der Landung op der selwechter Pist sinn?
4. Wéi heefeg sinn esou Virfäll am Lëtzebuerger Loftraum respektiv um Buedem vum nationale Fluchhafen? Ginn et dozou Statistiken? Wa jo, sinn dës Statistiken ëffentlech? Wa net, firwat net?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten